

## Discours de Jean-Claude Reding lors de la conférence commune des comités de la CGFP, de l'OGBL et du LCGB du 20.11.2014

Kolleginnen a Kollegen,

virun 7 Joer ass an den USA eng Finanz- a Wirtschaftskris ausgebrach déi duerno d'ganz Welt betraff huet. Schold war d'Irresponsabilitéit an d'Profitsucht vu Spëtzeanager aus dem Finanzsektor, mais och aus der groussen multinationalen Konzern. Schold war awer och eng Politik vun Dereguléierung, eng Politik déi op en Embau vun eise Sozialsystemer besonnesch am Pensiounswiesen an an der Familljepolitik an elo och an der Beschäftigungspolitik drängt, en Embau den eigentlech en Ofbau ass.

Schold war eng Politik déi d'Roll vun der öffentlecher Hand an der Gestaltung vun der Wirtschaft zereckgedrängt huet, déi op Wirtschaftsliberaliséierung gesat huet. Kompetitivitéit, an Onwieder wéi Employabilitéit an Flexicurity waren an sinn d'Parolen.



D'Privatiséierungen am Beräich vun den öffentlechen Déngschter weltwäit, europawäit an och zu Lëtzebuerg hunn eis geschwächt .

Des Politik huet an eng Sakgaass gefouert.

De Chômage och hei zu Lëtzebuerg war nach ni esou héich, d' Armut an den Aarmutsrisiko hunn zou geholl. Zu Lëtzebuerg loung deen 1995 bei 12%, 1996 a 97 esouguer bei 11% haut léit e bei 16%.

Prekär Arbechtsbedingungen, CDD, onbezuelt Stagen, onfräiwëlleg Deelzäitaarbecht hunn zougeholl, besonnesch fir déi Jonk.

Déi Léit, déi kleng a mëttel Paien a Renten hunn, spiren datt et hinne méi schlecht geet. Fir munchereen ass d'Realakkomes zeréckgaangen. D'Ursach léit an enger Politik, déi op Austeritéit setzt, déi d'Steieren fir de normalen Bierger erhéicht huet, déi Aschnëtter bei de Sozialleeschungen gemaach huet .

Kolleginnen an Kollegen,

Mir hunn eis zënter 2009 géint eng falsch politesch Orientéierung vun eiser Budgets- a Finanzpolitik gewiert. Mir hunn munches verhënnert kritt. Mir hu Saachen réckgäenge gemaach kritt wéi d'Krisesteier. Mir hunn d'Indexéierung vun de Léin an de Pensiounen verteidegt kritt, och wann den Index verspéit ausbezuelt ginn ass. De Mindestloun ass ajustéiert ginn, mä d'Rentner kruten en Ajustement geklaut. D'Steierlaascht ass fir d'Mass vun de Léit erop gaangen an zwar vill méi ewéi fir déi richteg Räich.

Mir muss eis och bei der néier Regierung wieren. Och des Regierung wëllt iwwerdriwwen spueren matt dem Argument mir hätten ze héich Scholden an e Staatsdefizit. Dobäi ass déi lëtzebuenger Staatsschold eng vun deene niddregsten an der EU. Et gétt och vergiess drun ze erënneren, dass e gudden Deel vun deene Scholden gemaach gouf fir grouss Banken an Dausenden vun Aarbechtsplazen ze retten, Banken déi wichteg waren fir d'Land. Haut kritt de lëtzebuenger Staat Dividenden vun deenen Investitiounen. Déi aner Scholden sinn opgeholl ginn fir Investitiounen duerchzeféieren, ze hëlfefen d'Wirtschaftsaktivitéit héich ze halen an domat gläichzäiteg an d'Zukunft ze investéieren. Et si keng Scholde gemaach ginn fir eise Staat, eis Gemengen oder eis Sécurité sociale iwwer Waasser ze halen. Mir ginn och net erdréckt vum Bezuelen vun de Scholdzënsen, au contraire mir kréien méi Recetten, méi Einnamen aus eisem Verméigen wéi mer Zënsen op eis Schold bezuele mussen.

Mir hunn och net e permanenten Defizit. 2008 hate mer en Iwwerschoss vun 1,2 Milliarden, 2009 haten mer en Defizit vunn 181 Milliounen, 2010 hate mer en Defizit vunn 253 Milliounen, 2011 hate mer en Iwwerschoss vun 128 Milliounen, 2012 hate mer en Iwwerschoss vunn 27 Milliounen an 2013 hate mer en Iwwerschoss vun 286 Milliounen. An de Joeren 2008 bis 2013 hate mer also 2 mol en Defizit an 4 mol en Iwwerschoss.

Trotzdem wëllt och eis nei Regierung matt der Austeritéitspolitik weider fueren an se esouguer nach verschäerfen.

Déi indirekt Stéieren klammen, d'TVA, mais och eng Onmeng vun Taxen, déi am Spuerpak vun der Regierung virgesi sinn :

D'Waassertax soll ab 2016 2,454 Milliounen € méi erbréngen.  
D'Taxen beim Führerschäin ginn erop.  
Fir d'Homologéieren, d'Certifiéieren vun Diplomer a Kopien vun Diplomer ginn Taxen agefouert  
zwëschen 50 an 500 €.  
Taxen um Passbureau ginn erop.  
D'Tariffer fir d'Ambulanzen ginn erop. Dat kascht eis 1,4 Milliounen ab 2016.  
Munch gratis Leeschtungen sollen ofgeschaaft gin z.Bsp beim öffentlechen Transport fir Invaliden.  
D'Lescht ass laang.



Oft ginn des Erhéijungen net mat der realer Keschtenentwecklung motivéiert, mais domat datt se  
säit Joeren net un den Präisindex ugepasst goufen.

Kolleginnen a Kollegen,

D'Steierbarèmer ginn awer net indexéiert, au contraire dat huet déi lescht Regierung mat dem heemlechen Averständnes  
vun der Opposition ofgeschaaft. D'Kannergeld soll och net un d'Entwécklung vun de Preiser ugepasst ginn. Au contraire  
an der Familljepolitik soll weider ofgebaut ginn.

D'Allocatioun d'Education soll ofgeschaaft ginn och wann dat net soll gëlle fir déi déi se elo ze gutt hunn. 2015 soll iwwer  
de Wee 21 Milliounen gespuert ginn, 2018 68 Milliounen. Dobäi gëtt net beduecht datt  $\frac{1}{4}$  vun de Léit déi des Allocatioun  
kréien zou zwee schaffen an se kréien well se ënnert bestemmte Akommesplafongen fallen. Wou bléift do d'sozial  
Selektivitéit ?

Déi gespuerte Suen ginn och net fir eng Opwärtung vun der Indemnitéit de congé parental genotzt oder vir eng  
Opwärtung vum Kannergeld. Au contraire d'Kannergeld bleift desindexéiert a gëtt domat ëmmer manner wäert. Fir  
d'Kanner déi ab 2015 op d'Welt kommen gëtt d'Kannergeld esouguer erof. Eng Famill mat 2 Kanner kritt am néie Regime  
64€ de Mount manner, eng mat 3 Kanner 238€ de Mount manner an eng mat 4 Kanner 412 € de Mount manner. Just eng  
Famill matt engem Kand kritt 2,5€ méi. No der nächster Indextranche ass och datt eriwwer.

Dobäi kennt, dass mer alleguer och nach e Beitrag vun 0,5% an d'Kannergeldskees, déi an Zukunftskeess ëmgedeelt gëtt  
bezele sollen. An der Konterpartie solle méi Crèche gebaut ginn – déi awer net gratis ginn ewéi versprach. Just während  
e puer Stonnen. An der Schoulzäit soll e gratis Sproochenunterricht fir d'Kanner zwëschen 1 an 3 Joer ugebuede ginn. Wéi  
dat goe soll weess nach keen. D'Uni Lëtzebuerg soll elo emol e Konzept ausschaffen. Matt de Personalvertrieder an hire  
Gewerkschaften am Sektor ass nach net doriwwer geschwat gin. Si konnten just liesen datt d'Qualifikationsnormen vum  
Personal erof gesat solle ginn.

D'Präsenzzeit vun de Kanner an der école fondamentale soll eropgesat ginn, hir Unterrichtszeit erofgesat ginn. Och dat  
ouni Konzertation mat den Enseignanten, matt den Professionellen aus de Maison relais op déi dat natierlech och  
Repercussione huet an ouni ze diskutéieren wat dat fir d'Sports-, d'Musiks- a Kulturveräiner huet.  
Dialog null. Mais dat schéngt eng staark Charakteristik vun der Regierung vum Dialog an der Transparenz ze sinn.

Kolleginnen a Kollegen,

Dat wat an der Familljepolitik geplangt ass, ass eng Mogelpackung.

Esou laang kee kloert Konzept iwwert all ELelementer vun der néier Familljepolitik virleit,  
esou laang net kloer ass, dass dat net erëm zu direkten an indirekten Diskriminéierungen vun de Grenzgänger féiert,  
esou laang keng kloer Finanzéierungspläng virleien,  
esou laang keng Diskussioun iwwert d'Finanzéierungsbesoinen gefouert gouf,  
esou laang net iwwert Finanzéierungsalternativen diskutéiert gouf,  
esou laang ass et falsch an inakzeptabel en néien Sozialbeitrag anzeféieren, deen en plus och nach eleng vun de  
personnes physiques bezuelt soll ginn, deen net sozial selektiv ass, an deen am meeschten déi belaascht déi eigentlechen  
Kannergeld an sozial Leeschtungen fir d'Kanner brauchen : jonk Familjen, déi meeschtens keen deckt Akommes hunn an  
all Su brauchen.

Kolleginnen a Kollegen,

mir sinn entsat iwwert d'Moosnamen, däi an den nächsten Joeren am Beräich vun der Beschäftigungspolitik geplangt  
sinn.

D'Ofschaffen vun der aide à la mobilité géographique.  
Déi massiv Aschränkung vun der aide temporaire au réemploi.  
Déi ersaazlos Ofschaffung vun der préretraite-solidarité.  
D'Erofsetzen vun der aide à l'embauche de chômeurs de longue durée.  
D'Erofsetzen vun de Chômagesindemnitéiten fir Léit déi mei ewéi 6 Méint am Chômage sinn.

Och beim chômage partiel a beim chômage intempéries sinn Verschlechterungen geplangt.

2015 sollen esou schons 6,5 Milliounen op Käschte vunn den demandeurs d'emploi, op Käschte vun denen déi Affer vun der Kris goufen, gespuert ginn. An de Joeren duerno kennt et dann Knëppel haart :

2016 sollen 36 Milliounen gespuert ginn,

2017: 54 Milliounen,

2018: 66 Milliounen.

Suen déi haaptsächlech op Käschten vun deene Léit ab 45 , déi aus sougenannten wirtschaftleche Grënn, déi vun der Politik ni a Fro gestallt ginn, hir Aarbecht verluer hunn a wou d'Politik total versot huet, well et just do ass wou de Chômage konstant zou hält.

Gespuert sollen och zwëschen 35,5 an 67,5 Milliounen an der Krankekees. Anscheinend op Käschte vun den Dokteren, den Professionnels de santé an dem Personal am Gesondheitssektor, de Laboratoiren an de Spideeler. Op dat ëmmer berechtigt ass bezweifelen ech staark. Zudem ass och do keng Verhandlung gefouert ginn.

Ech färten awer datt des Politik am Endeffekt op d'Käschte vun der Qualitéit vun der Gesondheitsversuergung geet, op Käschte vun de Patienten get an dass mer méi bezuelen wärte mussen.



D'assurance- dépendance soll reforméiert ginn. Et gouf nach keng Diskussiounen, geschweige denn Verhandlungen doriwwer. En attendant gétt awer eesäiteg decidéiert dat schonns 2015 16,8 Millioun gespuert solle ginn an 2018 39 Milliounen.

Eng Moosnam, déi geplangt ass, ass eng Zort indirekt lerschaftssteier op klengen lerschaften. Bis haut war et esou, dat wann en d'Ënnerstëtzung vum FNS gebraucht huet an eng Hypothék z.Bsp op eng Wunneng gemaach gouf, beim Doud vun der Persoun fir de Conjoint oder d'Kanner e Montant vun 230589 € exoneréiert gouf. Dat soll elo op 50000 € erofgesat ginn an desindexéiert ginn. Wann een de FNS net brauch a Milliounen verierft, do brauch e kee Cent ze bezuelen, mais deen de séi Liewe laang geschaaft a gespuert huet fir sech eng kleng Wunnecht leeschten ze kennen, dem seng Kanner musse blechen. Ma bravo !

Kolleginnen a Kollegen,

des Beispiller weisen, dat des Politik net richtig a schons guer net sozial gerecht ass.

Et sinn haaptsächlech d'Salariéeën, an d'Rentner matt klengen a mëttleren Akomes déi fir des Politik bezuel sollen. Dat ass net akzeptabel.

Inakzeptabel ass och dat Moosnamen déi d'Aarbechts- a Sozialleeschungen vu bestëmmte Kategorien vu Leit betreffen an déi an Accorden oder Kollektivvertråg festgehale goufen eesäiteg a Fro gestallt ginn. Datt géllt fir etlech Punkten déi d'Fonctionnaires, d' Salariéeën am ëffentlechen Déngscht an d'Enseignanten betreffen. Des Method ass fir eis als Gewerkschaftler net akzeptabel.

Inakzeptabel ass och, dat an der Sécurité sociale Moosnamen decidéiert ginn, déi net verhandelt goufen. Domat riskéiert eise System a Fro gestallt ze ginn.

Inakzeptabel ass och, dat Moosnamen getraff ginn déi geplangte Reformen präjudizéieren.

Mir kritiséieren och datt bis haut d'Gewerkschaften bei der Virbereedung vun der versprachener Steierreform ausgeschloss ginn. Mir froen eis firwat. Wat gétt do gemauschelt !

Mir kritiséieren déi familien- a beschäftegungspolitesch Moosnamen.

Mir kritiséieren d'Grondausrichtung vun der Budgetspolitik, déi wéit iwwert dat néidegt erausgeet, sozial desequilibréiert ass an en negativen Impakt op d'Wirtschaftsaktivitéit am Land wäert hunn. De Statec geet dervun aus dat de Spuerpak en Impakt vun 0,3% op eis Wirtschaftsaktivitéit waert hun. 2,2% plus amplaz 2,5%, dat ass e Verloscht vunn 12%. Dat sinn och manner Recetten fir de Staat.

Kolleginnen a Kollegen

Dat sinn d'Aussoen vun eiser Resolutioun !

An der Conclusioun fuerderen mir d'Regierung op hire Spuerpak ze revidéieren, zeréckzeschrauwen an a Verhandlungen mat de Gewerkschaften anzetrieden !

Wann se op stur schalten, mussen se sech op haart Zäiten astellen.

Mir ginn net no bis des Politik sech ännert.



Mir sinn 2009 am Mee massiv op d'Stroos gaang an dat hat an de Joren duerno Konsequenzen.

Kolleginnen a Kollegen,

och 2015 gëtt et e 16.Mee am Kalenner!

A bon entendeur salut !

Merci fir är Präsenz, merci fir ären Engagement !